# d'Peffermillen

De Koschter mecht sech Suergen ëm d'Lëtzebuerger Studenten. D'ACEL (Association des Cercles d'Étudiants luxembourgeois), di e gewëssen 'Alleinvertretungsanspruch' erhieft an och entspriechend vum Ministär gehetschelt gëtt, refuséiert all Zesummenaarbecht matt reliéis oder ideologesch gefierwte Studentenorganisatiounen, sief dat d'ALUC oder d'UNEL. Esou eng politesch Abstinenz ass natierlech alles wi apolitesch, mä mecht d'Spill vun deenen, di un der Macht sinn, ass also eendeiteg politesch konservativ orientéiert. De Koschter freet sech och, wéi ee kann iwwert Gentechnologie diskutéieren – dat ass virgesin um Programm vun der REEL zu München 2001 -, ouni philosophesch a politesch Positioun ze bezéien. De Koschter wonnert sech ënnert denen Ëmstänn nët méi, dass dat pseudo-onpolitescht Denken dozou féiert, dass um Centre Universitaire d'Studenten et net emol mi fäerdeg bréngen, zwee Vertrieder an de Conseil d'administration ze delegéieren, e Recht ëm dat all d'Proffen um Centre se beneiden. Parteipolitesch Neutralitéit ass jo schéin, mä gesellschaftspolitesch Blannheet as e geféierlecht Spill.

**m.p.**

Wi alljoers krut de Koschter am Dezember neess der UNICEF hire Rapport *„La situation des enfants dans le monde – 2001"* zougescheckt. Déi Kéier steet e ganz am Zeeche vun deene klengste Kanner, vu 0 bis 3 Joer. D'Haaptuleies ass natierlech d'Situatioun vun de Kanner an der Drëtter Welt. Mä et ass och interessant dra nozesiche, wat d'UNICEF iwwert d'Situatioun vun de Lëtzebuerger Kanner weess. Mä do gouf de Koschter eemol méi enttäuscht: Lëtzebuerg reecht der UNICEF eng ganz Rëtsch Zuelen einfach nët eran. Sou ass nët gewuer ze gin, wéi e Prozentsaz Erwuessener zu Lëtzebuerg alphabetiséiert sinn (d. h. wéivill Männer/Frae liesen a schreiwe kënnen), wéi Räichtum an Aarmut verdeelt sin (d. h. wéi en Undeel um nationale Räichtum deene 40% ärmste Stéit an deenen 20% räichste Stéit zoukënnt), wéivill Kanner, di 1995 an d'éischt Schouljoer gonge, 1999 dat 5. Schouljoer erreecht hun, wéi héich de Gebrauch vu kontrazeptive Mëttelen ass, asw. Guer keng Informatioune gin et iwwert d'Ernährungssituatioun zu Lëtzebuerg: Wéivill Kanner hu bei der Gebuert Ënnergewiicht? Wéivill Kanner gi wéi laang un der Broscht geniert? Wéivill Kanner leiden u Wuesstumsstéierungen? Wéi gudd as d'Versuergung vu Kanner bis 10 Joer mat Vitamin A? Wéivill Stéit consomméiere iodéiert Salz? De Koschter géng verstoe, wann esou Donneën als Staatsgeheimnis betruecht géife ginn, well di Wäerter méiglecherweis vill mi schlecht si, wi dat onsem Wuelstandsimage zu Gesiicht steet. Mä wahrscheinlech ass d'Uersach vun deene Lacunen nach vill méi einfach (a méi grave): Esou Statistike ginn zu Lëtzebuerg guer nët erfaasst (wi de Koschter scho beim *forum*-Dossier Nr. 188/1998 iwwert Ernährung geschriwwen hat). A Saache sozial- an humanwëssenschaftlech Fuerschung gehéiert eben och Lëtzebuerg nach zu den ënnerentwéckelte Länner, mol nach nët zu den Entwécklungslänner.

**m.p.**

An hirer Entwert op eng parlamentaresch Fro vum DP-Deputéierte Xavier Bettel, schreift d'Héichschoulministesch, allen 2388 Studenten, di bis de 15. November eng Demande fir e Subsid gestallt haten, hätte bis den 20. Dezember eng Entwert kritt, mat wéivill Frang se am neien akademesche Joer däerfte rechnen. De Koschter freet sech, wat d'Studente sech mat deem Bréif kënne kafe goen, well domat gouf nach kee Su iwwerwisen. An d' akademesch Joer ass schon dräi Méint am gaang. Mä d'Ministesch an hir Beamte sëtzen a waarme Büroen, hun all Dag genug z'iessen a kënne sech net virstellen, dass ët Lëtzebuerger Studente gët, suguer zu Lëtzebuerg, di soss keen Akommes hu fir hiert Studium ze finanzéiere, wi di Sue vum Staat. Firwat musse si waarde, fir deen éischte Frang ze gesin, bis och dee leschte seng Demande ofgin an d'Verwaltung all Demande berechent huet?